N°4009
Entrée le 27.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlementaresch Fro n° 4009 vum 29. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Subsides pour Air Rescue Luxembourg ASBL".**

**1. Wäert d'Regierung der Luxembourg Air Rescue zousätzlech finanziell Hëllefen zousécheren, fir déi aussergewéinlech Käschten ze decken?**

D'Konventioun vum 14. November 2023 tëscht dem Lëtzebuerger Staat an der Luxembourg Air Rescue asbl (LAR) definéiert d'Subventioun, déi d'LAR am Kader vun hirer operationeller Zesummenaarbecht mam CGDIS kritt, dëst am Aklang mam ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwer d'Organisatioun vun der ziviler Sécherheet.

Opgrond vun den aussergewéinleche Käschten déi d'LAR de Moment muss droen, ass d'Regierung beméit, dës Subventioun ëm ronn 40% an d'Luucht ze setzen.

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden